# Rapport Referees' Commission - 29.07.2026

Present : Courtois, Keiffer N., Nesser, Weinquin, Weinzierl, Welter

Entschëllegt : Kröpelin, Volz

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 29.06.2026***

2) ***Summerstage***
*De Summerstage fir all Arbitter ass den **22.&23. August 2026**.*
***Haaptthema : Spielanalysen – Haaptzil: Game Management***

3) ***Tester Saison 2026/2027***
*11. Juli 2026 D'Laftester waren all ganz gutt, bei dem theoreteschen Test ass nach Loft no Uewen.*

*Déi nächst Tester fir d'Saison 2026/2027 sinn:*
***21. August 2026** 19h00 Laftest (AXA) – 20h00 (ALL) theoreteschen Test*
***19. September 2026** 10h00 Laftest (AXA) – 11h00 (ALL) theoreteschen Test*

***D'Tester vum 12. September hu missen op den 19. September verluecht ginn, wéinst der Dispositioun vun der Hal.***

*D'Laftester sinn um INS Hall 1 an theoretesch Tester am SLL Sall A1.01*
*D'Arbitter si gebiede sech fir d'Tester unzemellen, dass mir ongeféier wësse, wie wéini kënnt.*

*Déi Arbitter déi op kengem vun den 3 Datumer Zeit hunn, sollen sech w.e.g. bei der RefCom mellen (refcom@flh.lu)*

4) ***Weiderbildung Saison 2026/2027:***
*D'RefCom ass am Gaangen d'Coure fir Saison 2026/2027 ze fixéieren an informéieren d'Arbitter soubal d'Datume fixéiert sinn.*

5) ***Austausch Ausland***
- *Am Moment waarde mir nach ëmmer op eng Äntwert aus Éisträich.*
- *Den Tun Bartringer ass vum 11. bis den 13. September an Dänemark um GOG Cup aktiv. D'RefCom seet den Eltere Merci fir d'Ënnerstëtzung beim Transport.*
- *D'RefCom ass am Gaangen nach weider international Turnéier ze fanne, wou Lëtzebuerger Arbitter kéinten an den Asaz kommen*

6) ***Besetzungskommissioun***
*De Claude Weinzierl ass am Gaangen eng nei Besetzungskommissioun op d'Been ze setzen. Kuerzfristeg Ännerungen iwwert de Weekend sinn nach ze klären.*
*(Rem.: an Zwëschenzäit steet d'Besetzungskommissioun)*

7) ***C-Kandidaten - Tuteur***

*D'Coure fir den C-Schäin si vereinfacht ginn, an d'Arbitter sollen alles méi an der Praxis léieren. An dem Kontext ass et geduecht, dass déi nei Kandidaten op hiren éischte Matcher vun engem Tuteur begleet ginn, den si méi déif an d'Reglement aféiert.*
*D'RefCom freet dowéinst déi erfueren Arbitter d'Rolle vun dësen Tuteuren ze iwwerhuelen.*

8) ***C-Cours***

*D'RefCom wëll d'Veräiner informéieren, dass interesséiert Leit sech nach ëmmer umelle kënne fir den C-Cours.*
*https://inaps.public.lu/fr/inscriptions/jugesarbitres/flhcycleinferieur0.html*

***Nächst RefCom: Dënschden, den 22. September 2026 um 18h45***
***an der Maison des Sports (Salle 2)***